



Grand-Duché de Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Compte rendu des séances publiques

Session ordinaire 1990-1991

50^e séance, mardi 16 avril 1991
51^e séance, mercredi 17 avril 1991
52^e séance, jeudi 18 avril 1991
53^e séance, mardi 23 avril 1991
54^e séance, mardi 23 avril 1991

No 12/90-91

50^e séance (Suite)

Mardi 16 avril 1991

Présidence

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Présidente

M. Edouard Juncker, Vice-Président

Ordre du jour

7. Proposition de loi 3504 de M. André Hoffmann portant allongement des délais du congé postnatal prévus à l'article 3, paragraphe 2 de la loi du 3 juillet 1975 concernant e.a. la protection de la maternité de la femme au travail (Conformément à l'article 59 du Règlement) (*Discussion - Suite*) - 8. Proposition de loi 3505 de M. François Bausch relative à la production, la propagation et l'utilisation de représentations pornographiques (Conformément à l'article 59 du Règlement) (*Discussion*) - 9. Proposition de loi 3512 de M. Robert Mehlen en vue de la modification de la loi du 7 septembre 1987, ayant changé celle du 4 avril 1924, portant création de Chambres professionnelles à base électorale (Conformément à l'article 59 du Règlement) (*Discussion*).

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Jean Spautz, Marc Fischbach et Robert Goebbels, Ministres; M. Georges Wohlfart, Secrétaire d'Etat.

(Début de la séance publique à 15.04 heures)

7. Proposition de loi 3504 de M. André Hoffmann portant allongement des délais du congé postnatal prévus à l'article 3, paragraphe 2 de la loi du 3 juillet 1975 concernant e.a. la protection de la maternité de la femme au travail

Discussion (Suite)

Mme Anne Brasseur (DP) (Suite).- Den Här Bausch huet elo grad gesot, et misst zu enger Gläichstellung kommen tëschent Mann a Fra. Déi Gläichstellung as nët ze errechen an as och nët wëschenswäert, well ech mengen, d'Fraen hun hir Spezifizitéiten an d'Männer och. Et soll een hei vu Chancegerechtkeet schwätzen an nët vu Chancegläichheet, well vu Gläichstellung kann op kee

Fall Rieds sin, well biologesch as dat jo och wuel nët dran an et wäard ëmmer eng Differenz bleiwen an et wäarten och nach ëmmer d'Frae sin, déi d'Kanner op d'Welt setzen.

Dat bréngt mech dozou ze soën, dass et och schwireg as wa mer da soën, de libre Choix gët garantéiert, ob eng Fra wëllt d'Kanner erzeien a sech aleng ëm d'Kanner këmmen oder nët, ob se wëllt berufstäteg gin oder nët. Well déi Garantie ka kee gin. De Stat soll dofir suergen, dass d'Infrastrukturen esou sin, fir dass de libre Choix méi einfach gët, mä wa mer Lois de protection maachen - hei steet zwar an der Proposition de loi vum honorablen Här Hoffmann, och Männer kënnen dovunner bénéficiéieren - as et leschten Enns

awer ëmmer d'Fra - an do gin ech dem Här Bausch Recht - déi wärd dovunner bénéficiéieren. Dofir muss ee kucken, dass dat sech finalement nët géint d'Frae selwer dréit, well dat as eppes wat mer haut scho feststellen.

Eng ganz Parti Employeuren, wa jonk bestuete Fraen ouni Kanner hir Kandidatur fir eng Plaz stellen, sin éischter reservéiert fir esou een iwwerhaupt anzustellen a bei zwee Kandidaten huelen se de préférence e Mann, well se wëssen, dass dee kee Congé de maternité kritt, esou dass d'Fraen nëmme déi Plaze kréien, wou et schwiereg as, iwwerhaupt Main-d'oeuvre ze rekrutéieren.

Dofir muss ech soën, dass ee bei all dene Mesures de protection muss oppassen, dass een nët ze wäit geet. Well wat wëlle mer maachen? Mir wëllen hei de Fraen entgéint kommen. Mir wëllen eppes fir eis Demographie maachen. Finalement maache mer eppes géint d'Fraen, well se iwwerhaupt nët an den Aarbechtsprozess erakommen, well verschidde Patronën eben Hésitatiounen hun, zumools wann et kleng Betriber sin, well duerch Congé de maternité, - a wann deen och nach géing prolongéiert gin duerch de Congé postnatal, - dann d'Organisatioun vum Betrib méi schwiereg gët.

Et gin eng ganz Rei Problemer, déi sin och nach nët geléist mat engem Congé postnatal, wéi zum Beispill d'Schoulhoren, déi nët iwwertenee klappe mat de Schaffhoren an ech glewen nët, dass, wa mer géingen erfogoen op eng 35-Stonnewoch oder och nach eng 30-Stonnewoch, wéi den Här Bausch dat gesot huet. Et wir ideal, mä da misst awer och jiddereen en proportion zu séngem Loun, op de Loun kënne verzichten. Well dee Kuch, dee mer zesumme bake, gët jo sécherlech doduerch nët méi grouss wa mer manner schaffen. E gët au contraire méi kleng an dat Stéck, dat mer aus deem Kuch erauszéie gët méi kleng fir jiddereen. Ech weess nët ob vill Leit domadder averstane wiren. Et muss een also och do realistesch sin.

Wat geschitt mat de Schoulvakanzen? Och dee Problem stellt sech an deem Moment wou béid Eltere berufstäteg sin, well mer jo awer vill Schoulvakanzen hun, wou och keng Léisung fir d'Kanner do as.

E ganz grouse Problem as dee wann d'Kanner krank gin an dat as nët virzprogramméieren, wou awer ee vun den Eltere muss bei de Kanner bleiwen.

Dat sin alldeeglech Problemer, déi sech stellen an och déi si mat dëser Proposition de loi nët geléist. Ech wëll soën, dass den Här Hoffmann de Mérite huet, den Débat lancéiert ze hun an et as sécherlech am Kader vum Rapport Calot een Element méi fir matzediskutéieren, mä ech wëllt virdru warnen, Mesures de protection unzegoen, déi ze wäit gin, well finalement hun ech Angscht, dass dat sech géint d'Fraen dréit an dann hu mer wierklech näischt geschafft.

Ech soën Iech merci.

Mme la Présidente.- La parole est au Gouvernement.

M. Marc Fischbach, Ministre de la Justice.- Mme Presidentin, dir Dammen an dir Hären. D'Regierung begréisst d'Absicht vun deem Gesetzesvorschlag, deen den honorablen Här Hoffmann haut de Mëtteg virgestallt huet. Ech wëllt allerdéngs hei och am Numm vum Aarbechtsminister drop hiweisen, dass am Kader vun enger Bréisseler Direktiv, wéi se zur Zäit vun den Aarbechtsministere diskutéiert gët, eng gréisser Zuel vu Memberstaten sech ganz schweier din, fir sech zu där Léisung vun 8wöchige postnatale Congé zouzebewegen, wéi mir en hei am Land kennen an och applizéieren, esou dass et ganz schwiereg dierft sin, fir och am communautaire Kader méi wäit ze goen a fir ons iwwer dat erauszebewege wat mer bis dato hei am Land kennen an applizéieren an ech géing mengen, och domadder um soziale Plang als eent vun dene fortschrëttlechste Länner ze figuréieren.

Anerersäits as d'Regierung sech bewosst, dass dat wesentlech Dispositiounen gin, déi nët genau an deem selwechte Kader ugesiedelt sin, mä déi awer nët manner bedeutungsvoll sin, fir déi Fraen, déi berufstäteg sin. Ech schwätzen do virun allem och vun der Allocation d'éducation, déi jo vun dëser Regierung nach eng Kéier iwwerducht dierft gin a virun allem och vun der dréngend noutwendeger Reform vum Congé parental.

Dat gesot, Mme Presidentin, géif ech u sech d'Absicht vun dësem Projet nach eng Kéier begréissen, mä ech géif soën, dass d'Regierung sech awer nët méi wäit kënnit engagéieren op der Basis vun deem Text, deen den Här Hoffmann déposéiert huet.

Mme la Présidente.- Le prochain point de notre ordre du jour prévoit la proposition de loi 3505. Le débat aura lieu conformément à l'article 59 de notre Règlement. Les orateurs inscrits sont les suivants: MM. Colling, Rippinger et Mme Err.

Je donne la parole à l'auteur de la proposition de loi, l'honorable M. François Bausch.

8. Proposition de loi 3505 de M. François Bausch relative à la production, la propagation et l'utilisation de représentations pornographiques

M. François Bausch (GAP).- Mme Presidentin, dir Dammen an dir Hären. Déi Proposition de loi iwwer d'Pornographie, déi mer déposéiert hun, reit sech an, zwar mat e puer Joer Verspéidung, an eng ganz Rei Initiativen, déi vu Feministinnen an Europa an och an den USA géint déi sougenannte „Pornographisierung“ vun eiser Gesellschaft ënnerhol gëtt sin.

Ech mengen, ech soë kengem eppes Neies wann ech soën, dass d'Geschäft mat der Pornographie immens gutt an eiser Gesellschaft floréiert, dass dësen Industriezweig järelech Milliarde Gewënner verzechent. Eng kleng Parenthèse dozou, déi awer nët onwichtig as an déi ee muss ënnersträichen, as, dass d'„Aarbechtskräften“, déi agesat gin an der Pornographie, meeschtens aus dene ganz ënneschte Schichte vun der Gesellschaft rekrutéiert gin an an dene leschte Jore mat engem ganz staarken Ausmooss an dene sougenannte Länner vun der Drëtter Welt, wou jo jiddereen weess mat wat fir enge Konsequenzen dass dat verbonnen as.

Et schéngt awer och wichtig ze sin, dass een ënnersträicht, wann een iwwer d'Pornographie schwätzt, dass d'Pornographie e ganz haarde Business as, mä awer dofir e Geschäft as wat no den übleche maartwirtschaftleche Regele funktionnéiert. Dofir as d'Pornographie och haut an eiser Gesellschaft omnipräsent. Et si bestëmmt zum Deel eis Medien. Si beaflosst eis Kultur a si fördert och eis Wirtschaft.

D'Pornoindustrie as wéi all anere Betrib innerhalb vun eise kapitalistesche System gezwongen ëmmer méi ze produzéieren, ëmmer méi unzbedden, ëmmer méi ze weisen an ëmmer och méi wäit ze goen, wann et drëm geet, d'Gewalt géint d'Frae kontinuierlech ze steigere.

En éischten Héichpunkt vun dëser Gewaltsteigerung krute mer 1975, wou an den USA déi éischte sougenannte Snuff-Filmer erauskomm sin. Dir hut bestëmmt schon alleguer eng Kéier dovunner héieren. Dat si Filmer, wou herno regelrecht Massakere virun der Kamera gefilmt gin, déi de batteren, grotesken Nogesmaach hun, dass dat Live-Szene sin, dat heescht, dass se nët gestallt sin, mä dass déi Fraen, déi do virun der Kamera ëmbruecht gi sin, an der Realitéit wierklech ëmbruecht gi sin.

Dës Snuff-Filmer illustréieren awer och wéi problematesch et as, eng Trennung ze kréien tëschent der Fiktioun an der Realitéit. D'Fiktioun an d'Realiteit stin an enger stänneger Wiesselwirkung zueneen. D'Fiktioun nährt sech vun der Realitéit an d'Realiteit nährt sech vun der Fiktioun.

Säit längerem as dofir och wëssenschaftlech bewisen, dass de Konsum vun haarder Pornographie gewaltfördernd as, well en d'Bereitschaft zur Gewaltwendung fördert.

D'Pornographie as a kengem Fall, wéi dat oft esou schéin am Volleksmond behaupt gët, e Ventil fir real Gewalt ofzebauen. Am Géigendeel, d'Pornographie as en Opruff zur Gewalt. Et as e Propagandamittel zur Gewalt. Et as eng Uledung zu Verbriechen.

D'Pornographie as méi wéi d'Phantaséieren iwwer Gewalt, si as Gewalt a virun allem as se Gewalt géint d'Fraen. Ech wëll dat an engem Saz ennersträiche wéi et och esou schéin an eiser Broschür geschriwwen gin as, wou steet: „Pornographie ist das Geschäft mit sexueller Sklaverei“.

An der Diskussioun zu där Antipornocampagne, déi an deneneen zeezelne Länner an Europa an och an den USA vun de Feministinne bedriwwen gin as, as haaptsächlech op 3 Themeberäicher des öftere vun de Géigner zu där Campagne virgaange gin. Dat éischt as d'Fro vun der Moral, dat zweet as de Problem vun der Zensur an dat drëtt as dee sougenannte Konschtvirbehalt.

Ech wëll kuurz e puer vun denene Awänn do zréckweisen.

Zur Fro vun der Moral wëll ech soën, dass d'Obszönitéitsgesetzter sech befaasse mam onanstännegen, mam perversen oder mam sougenannten abartege Sexualverhalten. Si bekämpfen also de Moralverfall.

D'Feministinnen awer befaasse sech mam Sex, deen de Fraen opgezwoenge gët, fir dass en herno ka mat Profit verkaaft gin an dat andeem d'Fraekierperei gefesselt, verstümmelt an zerstückelt gin.

Mat Fraen déi zu Objekten kënnen gemaach gin a fir d'herrschend Moral as d'Pornographie e Schandfleck op dem Selbstbild vun der Gesellschaft, fir d'Feministinnen awer as d'Pornographie en Ugrëff op d'Selbstbild vun de Fraen. Ech mengen, dat ennersträicht och scho ganz gutt den Ennerscheid tëschent der Moral an tëschent deem wat an deem Gesetz hei ugaange gët.

D'Fro vun der Zensur wëll ech widderleë mat zwee ganz flotten Zitater. Dat eent as en Zitat vun der däitscher Feministin a Schréiftstellerin Gisela Breitling an dat zweet as eent vum Schréiftsteller D.H.Laurence.

D'Gisela Breitling seet dozou folgendes: „In diesem Zensurvorwurf verbirgt sich die unausgesprochene Übereinkunft, schon eine bloße Willensbekundung von Frauen sei skandalös und indiskutabel. Männliche pornographische Willensäußerungen, gleichgültig wie zerstörerisch und menschenfeindlich sie sind, haben Vorrang“.

Den D.H.Laurence seet dozou: „Zensur gerecht auszuüben wäre wirklich nicht schwierig. Man kann Pornographie sofort erkennen an der Verletzung, die sie der Sexualität und, darüber hinaus, der menschlichen Würde zufügt“.

Ech mengen déi zwee Zitater schwätze fir sech, fir zu der Fro vun der Zensur eppes ze soën.

Zum Konschtvirbehalt wëll ech soën, dass den aktuellen, maartbezunnene Konschtbetrieb, wéi mer en haut kennen, gréisstendeels souwisou eng Männersaach as. Hie spigelt de Männer hir Weltopfaassung an hiert Mänschbild erëm an eng erotesch Konscht a Pornographie vermëttelt eng an déi selwecht Botschaft par rapport zu de Fraen, nämlech dass de Wëllen an d'Menung vun de Fraen nët brauche berücksichtegt ze gin.

D'Feministinne raumen dofir op mat dem Mythos, dass héichqualifizéiert an unerkannte Konscht par définition ethesch a mënschlech integer wär. Si huelen d'Konscht erof vun hirem héije Sockel, si maachen se zum Ausléiser vun eben dëser Ausënanerzung.

Ech kéim dann zum Ofschluss zum Projet de loi selwer, wou ech wëll ennersträiche wat déi wichteg Elementer dra sin.

Dat éischt as dat, dass mer iwwerhaapt emol an eis Gesetzgebung eng Definitioun erakréie wat d'Pornographie iwwerhaapt as. De Moment gët et dat zu Lëtzebuerg nach guer nët. Dat Wuert

Pornographie gët an eiser Gesetzgebung néierens erwähnt. Et gët keng Definitioun.

Am Artikel 1 vum Gesetz gët ganz kloer opgeléicht wat als Pornographie ze verstoen as. Dat sin d'Tiretën 1-4 am Artikel 1.

Deen zwete wichtige Punkt am Gesetz as, dass d'Tatbestänn kloer definéiert sin, dat heescht den Zwang zu der Wahrnehmung vun der Pornographie an och den Zwang zu der Hirstellung vun der Pornographie.

Deen 3. Punkt dee wichtig as, as dass d'Gewalt als solch ugeprangert gët. Dat heescht, dass gesot gët, dass wann eng Fra zum Beispill vergewaltigt gët an dat geschitt as well eng Uledung virdu bestanen huet déi op Pornographie zréckzeféieren as, dass dat dann och ganz kloer ka gestrooft gin.

E ganz wichteg Element am Gesetz as, dass et en Zivilgesetz as. Dat heescht, et as e Gesetz wou nët de Staatsanwalt entscheet ob Pornographie schlëmm as oder nët schlëmm as, mä et sin déi betraffe Frae selwer, déi kënnen kloen an och de Prozess alenden.

Nach en anere wichtige Detail am Gesetz, deen och d'Effizienz vum Gesetz ennersträicht as, dass et nët nëmmen eenzelne Frae méiglech as ze kloen, mä dass Verbandskloe kënnen gefouert gin. Dat as ganz wesentlich, well jiddere vun Iech weess, dass eng Fra, déi heivunner betraff an och eventuell gär eng Klo géng maachen, sech dat nët traute als Eenzel. Dofir as et wichtig, dass och kënnen Fraeverbänn Kloe féiere géint d'Pornosindustrie.

Dat Gesetz hei as fir eis e ganz wesentlich neit Instrument fir de Fraen ze erméiglechen ze kloen, fir de Schutz vun de Fraen a mir betruchten dat Gesetz hei och als e Gesetz vun de Mënscherechter vun de Fraen. Mir hoffen och, dass et méiglech as, fraktiounsiwwergräifend eng Debatt zu deem Gesetz ze kréien, dass dat Gesetz eng Kéier an dës Chämber kënn. Eng Rei positiv Echoën hu mer vu bause scho kritt. Ech erënnere drun, dass d'Mme Chämberspresidentin selwer virun e puer Joer schon hei e Gesetz déposéiert huet en rapport mat der Produktioun vu pornographesche Videoskassetten. Ech hoffen, dass awer och an denene anere Fraktiounen elo ähnlech Elementer an d'Diskussioun erakommen, fir dass mer eng Kéier an dëser Chämber kënnen iwwer dat Gesetz diskutéieren an ofstëmmen.

Ech soën Iech merci.

Mme la Présidente.- La parole est au premier orateur inscrit, l'honorable M. Colling.

Discussion

M. François Colling (CSV).- Mme Presidentin, dir Dammen an dir Hären. Mir sin hei an enger Prozedur, déi am Artikel 56 a weider concernéiert as. Ech wëll op déi Saach agoen, well et eng vun denene éischte Kéieren as, wou mir dat applizéieren, an datt et wichtig as, dass mir definéiere wéi déi Diskussioun, déi mir hei hun, soll oflafen.

Ech hun elo grad vun der Mme Presidentin héieren, dass si gesot huet, dass mir den Débat direkt sollte féieren.

Ech weess nët ob ech do vläicht eng Interpretationsschwierkeet hun, mä ech hu gelies an eisem Artikel 59.- (1), dass den Auteur „avant la consultation du Conseil d'Etat et le renvoi de la proposition de loi à une commission, peut demander au Président d'inscrire la proposition de loi à l'ordre du jour en vue d'exposer l'objet de sa proposition de loi sans que la Chambre ne soit cependant appelée à se prononcer.“ E soll also d'Recht hu fir dat hei ze exposéieren.

Da kënn eng zweet Phas: „La proposition de loi est appuyée par cinq membres. Le Président consulte la Chambre pour savoir si elle fait droit à la demande.“

D'Proposition de loi huet fënnëf Ennerschrëften. Si kënn an d'Commission de Travail a mir setzen se op den Ordre du jour. Mä da kënn: „Si la Chambre fait droit à la demande, le temps de parole

est de 10 minutes pour l'auteur de la proposition de loi, pour le Gouvernement ainsi que pour chaque groupe politique pris individuellement et les diverses sensibilités politiques prises dans leur ensemble."

Do as eng Interpretatiounsschwierigkeit fir mech. Et kann een et esou interpretéiere wéi d'Mme President et gesot huet. Dat heescht, dee Moment wou se op den Ordre du jour kënnt kritt jiddereen 10 Minuten, op där aner Säit as et awer esou, dass mir us et coutumes hun an dësem Parlament, dass wann ee Projet de loi virläit oder eng Proposition de loi, dass ëmmer eng Proposition de loi zu deem Projet de loi zougesat gët, an dat gët dann an deem selwechte Kader diskutéiert.

Mir hun effektiv ee Projet de loi virleien zu deem do Thema an dat as de Projet de loi 2312. Mir hu schon eng Proposition de loi virleie vun der Mme Erna Hennicot-Schoepges an déi as och aviséiert duerch de Conseil d'Etat an dat as den Numero 3161. Dat heescht, wa mir elo prozedural richteg verfuere wiren, hätte mir misse soen, dass den Auteur séng Proposition, wéi dat bis elo ëmmer war, ka virlesen an da maache mir de Renvoi bei déi Kommissioun, déi de Projet de loi huet.

Mir diskutéieren elo driwwer, mä ech wollt dat hei an de Raum stellen, dass mir eis mussen an der Applikatioun vun eisem Gesetz klor gin, ob een dann nach eng Kéier muss ee Vote huelen éier een d'Diskussioun mécht oder nët.

Mme la Présidente. M. Colling, vous permettez une remarque? Je suis à la disposition tant de la Commission de Travail que de la Chambre. La Commission de Travail a proposé de mettre à l'ordre du jour les propositions de loi et la Chambre a ratifié l'ordre du jour. Je pense que nous sommes conformes à notre Règlement.

M. François Colling (CSV). Bis elo konnt een ëmmer séng Proposition de loi virlesen. Et geet hei drëm, an dat as de Sënn vun deem Artikel dee mir bäigesat hun, dass et nët soll méiglech sin, dass de Conseil d'Etat eng Proposition de loi an d'Oubliettes verschwannen deet, dass dann d'Méiglechkeet besteet, dass een eng Proposition de loi eraushëlt, an dass d'Chamber driwwer kann diskutéiere fir ze weisen, dass mir mengen, et wir eng Urgence do.

Wann een dat liest wéi et do steet, da gin et zwou Méiglechketen d'interprétation fir mech perséinlech. Ech wëll nët soen, dass dat déi richteg as. Ech hu jhust d'Fro gestallt a gemengt, mir missten eis nach eng Kéier doriwwer ënnerhalen.

Ech begréissen, dass eng Proposition de loi, déi dat do Thema concernéiert, vun enger Grénger Partei op den Dësch geluegt gouf. Ech mengen, d'Origine vun där Diskussioun hei läit ganz däitlech an der Proposition de loi 3171 concernant le contrôle de la production, de la distribution et de la vente de vidéogrammes vun der honorable Mme Erna Hennicot-Schoepges, déi déi den 17. Dezember 1987 hei deponéiert huet. Si as den 12.4.1989 vum Staatsrot aviséiert gin. Den deemolege Minister as higaangen an huet ee Projet de loi deponéiert, an dat as den 3212, wou et awer Differenze gët.

Dee Projet de loi baséiert op där selwechter Iddi. Ech wëll déi Differenzen an de Raum stellen.

D'Proposition limitéiert sech op Videogrammen. De Projet geet och iwwer Filmer an aner Supports d'images. Dat ka Vidéodisque sin zum Beispill.

De Champ d'application. De Projet viséiert d'Vente an d'Distributioun. Do as, mengen ech, eng fundamental Differenz mat der Proposition hei, dass och viséiert gët an der Proposition de loi vun der honorable Mme Hennicot d'Produktioun an d'Importatioun. Et soll een ee Visa kréien éier iwwerhaupt dee Produit an d'Land erakënnt. Dat war och d'Ursaach firwat de Staatsrot an de Minister sech där Saach opposéiert hun, well se gesot hun et wär eng Zensur déi géif applizéiert gin. Et géing een eng Zensur a priori applizéieren an dat kéint dofir nët akzeptéiert gin.

Op där anerer Säit geet dat, wann ech ee bestëmmtene Produit iwwerhaupt nët erakomme loossen an d'Land, méi wäit, wéi dat wat de Minister proposéiert huet. De Minister proposéiert, dass dat soll reglementéiert sin, dass Kanner vu manner wéi 17 Jor keen Zougank dozou sollen hun. Normalerweis misst et esou sin, dass déi Plazen an de Videothéiken de Kanner ënner 17 Jor sollte verbuedé sin.

Ech mengen, dofir as et insofern interessant fir ze gesinn, dass och déi Aart a Weis wéi déi verschidden Initiative fortgin, dass déi dat selwecht Zil hun. Ech erlabe mir do den Artikel 1, Paragraph 2 virzeliese vun der Proposition de loi vun der Mme Hennicot-Schoepges: „Est interdite la production de tout vidéogramme constituant une atteinte à la dignité humaine, incitant à des actes de violence, relevant un caractère pornographique ou étant susceptible de contribuer au développement de la toxicomanie ou du racisme.”

Dat as eng Proposition déi wierklech méi wäit geet, wéi dat wat an dëser Proposition hei beschriwwé gin as, wou ech nët weess ob et néideg as, Här Auteur vun der Proposition, eng Definition ze gi vun der Pornographie an engem Projet de loi. Ech mengen, dat as an deem anere Fall nët gemaach gin. Ech weess nët ob dat dem Gesetz déngt. Et kéint ee soen, eppes wat nët ënner déi do Definition fällt as dat an deem Moment keng Pornographie?

M. François Bausch (GAP). Dat hei as een Zivilgesetz.

M. François Colling (CSV). Dat hun ech verstanen.

Déi Proposition de loi, déi d'Mme Hennicot-Schoepges gemaach huet, déi läit am Penalen. Dat heescht, dass do de Procureur ka Moosnamen ergräifen. Ech stellen Iech d'Fro, an der Proposition déi Dir maacht, do gët gesot: "... la publication et la propagation de matière pornographique sera tenu de réparer le dommage qui en résulte". Da muss een natiirlech soe wéi een Dommage as dat, a wéi soll ech deem Dommage do réparéieren.

Et as och esou, dass dat hei alles nëmme Zivilprozedur as, dat heescht et muss een sech fir d'éischt Rechenschaft ofgeluegt hu wat en fin de compte gewise gët, an deem Moment kann eng Fra eng Plainte maachen. Et as een anere Wee fir virzegoen. Et as nët, dass ech e rejetéieren, bien entendu. Et as eng aner Optik. Dat eent as eben eng Penalprozedur. Dat anert as eng zivilrechtlech Prozedur.

Ech wollt op déi puer Differenzen agoen. Ech konnt feststelle bei enger éischer Lektür vun denen Dokumenter, dass et awer utile wir, dass, wann an der Juridique de Projet de loi 3212 diskutéiert gët, dass dann déi zwou Propositions de loi, esou wéi d'us et coutumes sin hei an der Chamber, an deem Moment géifen an der Kommissioun mat diskutéiert gin.

Dat war alles wat ech an deem Kontext wollt soen.

Mme la Présidente. Le Gouvernement désire prendre la parole immédiatement. M. le Ministre Fischbach, vous avez la parole.

M. Marc Fischbach, Ministre de la Justice. Mme le Président, Mesdames, Messieurs. Permettez-moi de prendre brièvement position quant à la proposition de loi de l'honorable député, M. François Bausch.

Le droit actuel touchant à la matière de la pornographie se retrouve dans différents textes de loi et dans les dispositions des articles 383 à 386 du Code pénal; d'autre part, dans la loi du 13 juin 1922 concernant la surveillance des établissements et représentations cinématographiques publics, l'arrêté grand-ducal du 14 novembre 1925 portant modification de l'arrêté du 16 juin 1922 pris en exécution de la loi du 13 juin 1922 concernant la surveillance des établissements et représentations cinématographiques publics; la loi du 20 juillet 1869 sur la presse et les délits commis par les divers moyens de publication; la loi du 23 mai 1927 concernant la fabrication, la détention, la distribution, l'exposition, la circulation et le trafic des

publications obscènes; la loi du 29 décembre 1937 permettant d'interdire l'entrée au Luxembourg de publications étrangères obscènes.

A côté de ces dispositions actuellement en vigueur en la matière a été déposée à la Chambre des Députés une proposition de loi de Mme Erna Hennicot-Schoepges concernant le contrôle de la production, de la distribution et de la vente de vidéogrammes et enfin un projet de loi concernant la surveillance des établissements et représentations cinématographiques publics ainsi que des établissements vendant ou donnant en location des supports d'images fixes ou animés.

L'auteur se limite à prévoir pour certains faits qui font l'objet des dispositions des articles 2 à 5 de la proposition, des sanctions de nature essentiellement civile, sans se préoccuper du volet répressif correspondant.

Or, tout ce qui touche au droit pénal et a fortiori à l'ordre public, il est évident qu'il appartient à la communauté nationale, à la collectivité nationale, c'est-à-dire au Ministère public d'assurer en premier lieu le respect des dispositions mises en place et le rôle de la défense des intérêts de toute ou de partie de la collectivité. Il appartient donc au Ministère public investi du pouvoir d'action en matière pénale, de représenter les intérêts de la collectivité et de défendre l'ordre public et les bonnes mœurs.

Si l'on désire réformer la législation en matière de lutte contre les publications obscènes, il est dès lors préférable de consacrer dans un même texte des dispositions pénales et civiles cohérentes. J'admets volontiers, Mme le Président, Mesdames, Messieurs, que l'honorable député s'est laissé guider par des considérations humanitaires en proposant le texte qu'il nous a soumis et qu'il vient de soumettre à la Chambre, mais néanmoins j'estime qu'une telle refonte, telle qu'elle nous est proposée, n'est pas nécessaire, alors que les textes existants et surtout les projets en discussion, tel le projet gouvernemental et la proposition de loi Hennicot s'avèrent suffisants pour progresser utilement et définitivement en la matière.

Merci beaucoup.

Mme la Présidente.- La parole est à l'honorable M. Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Mme Presidentin, dir Dammen an dir Hären. Fir d'alleréisch ee Wuert zu der Prozedur mat där den Här Colling sech hei ofgin huet.

Ech constatéieren, dass d'CSV-Fraktioun par l'intermédiaire vun hirem President ëmmer méi ee gestéiert Verhältnis huet engersäits zu der Regierung, ech brauch nëmme d'Affär vum Amendement beim Rentegezet ze huelen an dee ganzen Theater do drëm, an elo e bëssche par rapport zu der Mme Presidentin.

Mme la Présidente.- Je ne considère pas cela comme tel, M. Rippinger. Il ne faut pas aller trop loin.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Neen, ech gin nèt ze wäit, Mme Presidentin, mä et as gutt, dass Dir et nèt als dat considéiert. Et darf een awer nèt vergiessen, datt d'Commission de Travail d'accord war fir deen Text virun d'Chamber ze bréngé mat där Prozedur

Mme la Présidente.- M. Colling n'a pas dit le contraire.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Wann dat nèt de Fall as, Mme Presidentin, da froen ech mech firwat déi laang Diskussioun vum Här Colling, éier en op de Fong komm as, fir sech hei Gedanken ze maachen, wéi een dat an Zukunft soll behandelen. Ech wëll nèt ze wäit dorop agoen, ech muss soen et huet mech e bësschen an där ganzer Affär gestéiert.

Ech sin och e bësschen erstaunt, dass d'Commission de Travail deen Text hei esou duerchgoe gelooss huet. Ech verstin natiirlech, si wär schlecht berode gewiescht fir en nèt duerchgoen ze loossen, well dat wär waarscheinlech méi Zaubèr gin. Ech muss allerdings

soen, honorablen Här Kolleg Bausch, Är Proposition as een eenzeggen Texte pornographique. Wann ech dat liese wat Dir hei geschriwwen hut, an dem Artikel 1, da stellen ech fest, dat huet mat Juristerei a mat deem wat et soll duerstellen näischt méi ze din. Dat wat soll verbuede gin, dat as folgendes:

Alles wou Fraen oder Medercher

- „1. sont violées, que ce soit par voie vaginale, anale ou orale,
2. sont pénétrées par des objets ou des animaux dans le vagin ou dans l'anus,
3. sont ligotées, battues, blessées, mutilées, dépecées ou brutalisées d'une façon ou d'une autre.”

Deen Text hei verstéisst géint d'Dignitéit vun der Fra. Ech soen Iech, dass dësen Text indécent as an ech verstin am Fong geholl nèt, dass esou een Text hei duerchgaangen as, well e voller Pornographie as.

4. Hei gin d'Fraen accuséiert: „prennent plaisir à leur soumission, leur humiliation ou leur douleur.”

Wann Dir mengt, dat do wär ee Gesetz an esou kënnt een eng Legislatioun opbauen, da sid Dir um Holzwee.

Ech verstin, dass et ee Problem gët mat der Pornographie. Et bestin Texter hei, déi den Här Minister elo virdrun definéiert huet. Ech sin och absolut op där Linn. Mir hun also Gesetzer op deem Gebitt, obschon et nach ëmmer ganz schwéier as d'Limiten ze treffen tëschent Erotik a Pornographie. De Minister huet d'Artikelen vum Code pénal opgezielt. En huet och d'Legislatioun an d'Reglementer zitéiert. Et as haaptsächlech de Chapitre 7 vum Code pénal, deen definéiert „des outrages publics aux bonnes mœurs”.

Et dierft een allerdings eppes nèt vergiessen, säitdeem d'Jurisprudenz do as vun der Cour d'appel iwwer den „Dernier Tango à Paris” - d'Jurisprudenz as vun der Cour d'appel hei zu Lëtzebuerg gemaach gin - as kaum an där Hisiicht poursuivéiert gin.

Ech ka mir kaum virstellen, dass haut ee „Playboy”, ee „Penthouse”, e „Lui” oder wéi déi Publikatiounen alleguer heeschen, déi an de Kioske fräi zur Vente sin, nèt nëmme hei zu Lëtzebuerg, mä an der ganzer Welt, dass do de Parquet géing higoen, sief et aus egener Initiativ oder op Initiativ vun der Regierung, an déi Publikatiounen géing verbidden.

Et kann ee mir natiirlech soen, dat hei géing méi wäit goen. Mä ech muss awer äntwerten, mir hun eng Proposition de loi, déi vun der Mme Presidentin, an d'Commission juridique soll déi examinéieren.

Ech muss Iech éierlech soen, ech ka mat esou engem Text, wéi deen, deen hei virgeschloe gët, nèt d'accord sin, well ech der Meinung sin, dass deen total indezent as. Do gin et juristesche Méiglechkeete fir esou ee Problem besser ze definéieren. Dat do as wierklech eng Humiliatioun vun der Fra a wann Dir wollt hei d'Frae schützen, da muss ech soen, hut Dir wierklech de Géigendeel dovun erreecht.

Et steet fest, dass op deem Gebitt et nèt esou einfach as. Et as de Problem vun der Preuve. Et gët vu Violè geschwat. Mir hun d'Méiglechkeet an eiser Législation pénale d'Violèn ze répriméieren. Mir wëssen awer wéi schwireg dass et as, well d'Fraen nèt gare Plainte maachen, well d'Beweisführung relativ schwireg as. Hei gët zwar vun Infraktiounen duerch Images a Mots geschwat, mä dat do as ee Wee op deen ee ménger Meinung no nèt ka goen.

Ech verstin natiirlech eng ganz Rei vu Fraenorganisatiounen, déi sech opregen a mir hun dat viru kuurzem nach an der Zeitung gelies, ënner Leserbriefe, iwwer gewësse Produktiounen, iwwer gewësse Filmer, iwwer gewëssen Thèmes de télévision. Ech muss allerdings soen, et as relativ schwireg dat ze répriméieren, ouni awer op déi aner Manéier an deen Extrem ze falen, dass mir virgeworf kréien,

mir géingen d'Zensur spille loossen an den Här Minister huet dat och virdu gesot.

All déi Saache gi kaum hei zu Lëtzebuerg produzéiert. Ech si kee Spezialist an där Hisiicht, mä ech ka mir kaum virstellen, dass mir esou eng Firma hei zu Lëtzebuerg hun, déi esou Saache produzéiert. Wann dat wär, da misst de Minister eis dat jo kënne soen. Also kommen déi Produktiounen all aus dem Ausland. Et kann een se zu Lëtzebuerg verbidden, mä et kann een sech se terribel einfach am Ausland verschafen. De Problem as nët esou einfach wéi mir eis dat virstellen.

Dass Pornographie ee Problem as, domat si mir alleguer d'accord, besonnesch wat den haarde Porno ubelaangt, an dass mir solle légiféréieren oder eis solle Gedanke maachen an der Commission juridique, do sin ech och domat d'accord, mä dann awer op der Basis vun dene Gesetzer a Reglementer, déi mir hun an nët op der Basis vun enger Proposition de loi, wéi déi hei, wou ënner anerem de Pénal mat dem Civil total verméscht gët. Et fënt herno kee méi séng Kleng erëm an där Affär. Et weess een nët méi, wat as stroferechtlech, wat ënnerläit de Poursuiten. Et gët zum Beispill proposéiert fir bei de Référé ze goen. Verschidde Fraenorganisatiounen oder Associatiounen oder wéi och ëmmer kréien d'Méiglechkeet, fir bei de Référé ze goen. Mä op Grond vu wat a fir wat fir eng Reparatioun ze froen? Dat as alles juristeschesch nët ausgeduecht.

M. François Bausch (GAP).- Dir schwätzt nëmme vum Artikel 1, well soss hut Dir näischt vun der Proposition gelies.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech hun dee ganzen Text gelies. Den Artikel 1 as mir awer scho vëllegen duergaangen.

(Interruption)

Wéi den Här Bausch déi leschte Kéier komm as mat enger Proposition de loi iwwer d'Waffen an d'Waffenaschränkungen am Handel, do hun ech e félicitéiert fir séng Initiativ. Ech kann e bei dëser Proposition de loi absolut nët félicitéieren, dee Projet as juristeschesch absolut nët duerchduecht, et kann een näischt domat ufänken. Et kann een awer iwwer de Problem diskutéieren. Mir hun aner Propositions de loi, déi vill méi seriöös sin, fir an där Matière ze légiféréieren. Ech mengen, mir sollen eis déi op d'Long zéien an da kucke wat mir op deem Gebitt kënne maachen.

Mme la Présidente.- L'orateur suivant est l'honorable Mme Err.

Mme Lydie Err (LSAP).- Madame Presidentin, dir Dammen an dir Hären. No deem, wat ech hei iwwer d'Proposition de loi héieren hun, gin ech effektiv d'Menung nët lass, dass déi wéinegst Leit deem Text ganz gelies hun.

Ech wëll fir d'éischt hiweisen op den Artikel 59 vun eise Reglement. Ech fannen, dass deem Text do ganz kloer as a keng Interpretatioun erlaabt. Mir befannen eis hei an enger Prozedur, déi et erlaabt, eng Proposition de loi, déi nach nët vum Staatsrot aviséiert as, an der Châmber kënnen ze diskutéieren. Et steet nët méi an nët manner an deem Text, an ech mengen, d'Portée vun deem Text as kloer.

Mir kënnen eis absolut nët der Illusioun higin, wa mir Texter diskutéieren, déi op eng „initiative parlementaire“ zrëckgin, dass dat dem Staatsrot géing enjoignéieren, en Avis zu där Proposition ze maachen. Do si mer leider nach nët.

Ech wëll dervu profitéieren, fir ze soen, dass et héich Zäit géif gin, fir sech ze iwwerleën, wat fir eng Moyerën ee kënn asetzen, fir de Staatsrot derzou ze bréngen, fir Propositions de loi, déi him an der Essenz nët esou sympathesch sin, ze aviséieren, och wann dat him nët esou kloer an de Krom passt.

Zum Fong vun der Affär wëll ech soen, dass déi Matière hei ganz delikat as; an dass et selbstverständlech och delikat as ze definéieren

- ob dat elo an engem Gesetz oder an engem Text as - wat d'Pornographie as.

Dass d'Grenz tëschent Pornographie an Erotik enk as, as gewosst. Ech fannen, dass et derwäert as, ze probéieren et ze definéieren, quittedass all Definitioun riskéiert, eventuell Saachen auszeschléissen, déi normalerweis, dem Sënn vum Gesetz no, hätte missen ageschloss sin.

Ech sin nët der Menung, wéi hei gesot gin as, dass déi Proposition de loi, déi d'Mme Presidentin séngerzäit deposéiert huet, an dass de Projet de loi, deem d'Regierung dorophon ausgeschafft huet, méi wäit gi wéi dat heiten; ech sin au contraire der Menung, dass dat vill manner wäit geet. Et geet do nëmme ëm eng Zort vu Pornographie, an zwar déi mat engem bildleche Support, et geet nët ëm Publikatiounen op Zeitungen, et geet nët op Toundokumenter zrëck. Dofir as et ganz kloer, dass sënn geméiss dat heiten deem Text as, dee méi wäit geet. Dat soll awer nët empêcheieren, fir ze probéieren déi Saachen, déi ënnerwee sin, ze regroupéieren. Wann dat sollt de Fall sin, wat ech perséinlech géing staark wënschen, da misst och probéiert gin en aneren Aspekt vun dëser Thematik, an zwar den „harcèlement sexuel“, deem hei nët ugeschwat gin as, mat an dee generellen Text eranzekréien.

Contrairement zum Här Rippinger, fannen ech nët, dass hei zivil a penal Saachen duercherneegaange sin. Déi Impressioun huet een, wann een eng Kéier den Text iwwerflitt; mä wann een e genee liest, dann as déi Impressioun ganz schnell fort.

Et as evident, wann ee sech an dëser Matière géif op de Parquet verloossen, fir d'Poursuiten ze maachen, dass dat eng Effikassitéit géif mat sech bréngen, déi ganz relativ wir. Dat huet all Strofprozess „en matière d'attentat à la pudeur ou en matière de viol“ bewisen.

Ech fannen et dofir ganz positiv, dass hei déi „démarche civile“ gewielt gin as, déi den Avantage huet, eng Cessatioun vun deem Acte, deem incriminéiert as, relativ schnell mat sech ze bréngen, souguer mat enger Astreinte - dat as en Detail, dee mer speziell gutt gefall huet - an enger Réparation civile, virgesinn a Form vun „dommages et intérêts“.

Natiirlech as et nët einfach, dee Schued do festzeleën an ze ersetzen, mä et as e Problem, deem an alle Matière besteet, wou de Schued nët e materiellen as, wou et ëm d'Fixatioun vun engem moralesche Schued geet. Et as nët méi schwéier an dëser Matière, fir dee moralesche Schuedenersaz ze fixéieren, wéi an engem Akzident oder an engem Viol. Och do as dat delikat.

D'Démarche civile schéngt mer also particulièrement opportun an dëser Matière ze sin. Wann am Artikel 7 Rieds geet vun enger „démarche pénale“, dann as dat jiddefalls nët an deem selwechte Kontext ze gesinn. Et as an engem zwete Stadium, wou een, deem duerch eng Ordonnanz vum Juge des référés ordonnéiert kritt hat, d'pornographesch Publikatiounen zrëckzezéien, sech nët géif dorunner halen, da kann deem och vum Parquet pénal verfollegt gin.

Dofir mengen ech, as et jiddefalls ze begrëissen, dass déi Démarche essentielle an dëser Proposition eng zivil as, an dass een absolut nët ka vun engem Duerchernee schwätzen.

Ech begrëisse virum allem och, dass déi juristesche Technik vun dësem Text zrëckgeet op en Text, dee mer den 2. Juli 1987 hei gestëmmt hun iwwer den „abus de droits“, an deem och zrëckgaangen as op eng Proposition de loi vum Robert Krieps. Ech war ganz enttäuscht, wéi mer séngerzäit hei driwwer diskutéiert hun, iwwer dee wéinegen Echo, dee mer mat dësem wichtege Projet haten. Dat heit Beispill beweist, dass dat eng juristesche Technik as, déi ganz effikass kann ëngesat gin. Ech si frou, dass dës Technik gewielt gin as, fir den Zweck vun dësem Projet ze erfëllen.

Iwwer d'Definitioun vun der Pornographie - mir hu se schon hei héieren op eng Aart a Weis, déi ech nët wëll perséinlech definéieren - kann natiirlech ëmmer gestridde gin. All Definitioun as geféierlech

an där Hinsicht, dass se eben duerch d'Opzielung Saache vergësst, déi soss eventuell dra wieren. Dat as de Risiko vun all Definitiouen.

Den Avantage vum Artikel 1 as, dass iwwerhaupt emol probéiert gët ze definéieren, wat d'Pornographie soll sin. Bei dene Remarken, déi ech elo ronderëm mech héieren hun, as et op jidde Fall ganz kloer, dass och an de Käpp vun de Leit déi Differenz zwësche Pornographie, Erotik a Sexualitéit tout court nët esou kloer as.

D'Finalitéit vun dësem Gesetz as contrairement zu allen Texter, déi mer hun, nët nëmmen déi, fir déi Leit ze schützen, déi selwer betraff sin, mä och déi Leit ze schützen, déi sech ugegraff an aggresséiert fillen duerch Représentatioun vu Pornographie, an och déi Leit, déi repréentéiert sin.

Et as juristesch ganz interessant, dass den „droit à l'image" en „droit de la personne" as, deen nët duerch den Accord, deen dee Moment gin as, wou eventuell eng Fra d'accord war, fir pornographesch Duerstellung matzemaachen, mä duerno trotzdem d'Recht behält, dat nët wëllen zur Diffusioun fräizegin, well den „droit à l'image" en „droit absolu" as, op deen een nët ka renoncéieren.

Och dat as a méngen Aë juristesch einwandfrei motivéiert: Et stellt zweifelsohne eng Innovatioun duer par rapport zu allem, wat et de Moment gët, an nët nëmmen zu deem, wat mer effektiv schon an der Legislatioun hun, mä och par rapport zu deem, wat de Moment mat Projeten a Propositionen ënnerwee as.

Interessant as och d'Prozedur, déi hei proposéiert gët. D'Référéprozedur geet ganz schnell, wou, contrairement zu anere Matièreen, och nach keng Oppositioun soll méiglech sin a wou d'Sanktiounen essentiell zivil solle sin. Ech fannen, dass dat wirklech den Zweck erreicht, deen dat heit Gesetz sécherlech huet, dat heescht, e Mëttel ze fannen, fir d'Pornographie, déi en Ugrëff op d'Dignitéit vun der Fra en général as, probéieren an de Grëff ze kréien.

Et bleift de Problem, ob mer eis eens sin oder nët iwwer de Contenu vun dësem Gesetz. Wat fir eng Handhab huet dës Chamber, fir en Avis vum Staatsrot zu dësem Projet ze kréien? Ech invitéieren all Mënsch, deen heibanne sëtzt, sech doriwwer am Kader vun der Reform iwwer eis Konstitutioun Gedanken ze maachen. Ob mir alleguer d'accord sin oder nët, dat déngt eis nët ganz vill. Wann de Staatsrot deen Text hei nët aviséiert, wäerte mir ni dermat befaasst gin.

Ech soen Iech merci.

Mme la Présidente.- L'orateur suivant est l'honorable M. Hoffmann.

M. André Hoffmann (KPL).- Madame Presidentin, dir Dammen an dir Hären. D'Pornographie an deem Sënn, wéi se hei an där Gesetzespropositioun definéiert as, an esou wéi ech se och verstin, verstin ech als e Symptom fir méi allgemeng gesellschaftlech Verhältnissen:

1. als e Symptom fir eng Gesellschaft, déi nët zu enger fräier emanzipéierter Astellung zur Sexualitéit fond huet;

Zu esou enger Astellung géif evidenteweis och de Respekt vis-à-vis vun denen anere Mënsche gehéieren, de Respekt vis-à-vis vum anere Mënsch och um Plang vun der Sexualitéit.

2. als e Symptom fir eng Gesellschaft, wou alles zur Wuer gemaach gët, zum Geschäft, och de Mënsch selwer, all séng Bedürfnissen, och déi Bedürfnissen nach, déi duerch déi Gesellschaft selwer deforméiert gi sin;

3. als e Symptom dofir, grad esou wéi d'Pornographie hei definéiert as, wéi wäit zwëschemënschlech Bezéiungen, gesellschaftlech Verhältnissen tëschent de Geschlechter nach gepräagt si vu Gewalt, a wéi wäit, a wéi engem Ausmooss déi Gewalt kann an d'äerf

propagéiert gin, an dat nët nëmmen am Beräich vun der Pornographie;

4. als e Symptom och dofir, wéi wäit d'Mënschen, an dësem Fall speziell d'Fraen, zum Géigestand, zum Objekt degradéiert gin, dat benotzt ka gin an och benotzt gët vun deem, dee jeweileg iwwer d'Macht verfügt oder mengt ze verfügen oder duergestallt gët als deen, deen iwwer d'Macht verfügt.

An där Pornographie, wéi se hei definéiert as, geet et och ëmmer ëm Machtverhältnissen, virun allem vis-à-vis vun der Fra.

Wann den Här Rippinger deen éischten Artikel an dësem Gesetz, wou et drëm geet, d'Pornographie ze definéieren, als „indezent" ëmfënt, da verstin ech dat nët, well et jo an deem Artikel drëm geet - an d'Mme Err huet dat gesot, an ech schlësse mech deem och un - eng méiglechst präzis Definitiouen ze gi vun deem, wat een ënner Pornographie versteet, fir dass d'Gesetz iwwerhaupt uwendbar as.

Esou Ausdréck wéi „outrages aux moeurs" oder ähnlecher, wéi se an dem Code pénal ze fanne sin, leiden duerch eng Onpräzisioun, an doduerch besteet d'Gefor och, dass se der Willkür vun der Zensur ausgesat gin, well keng präzis juristesch Grenzen duerch eng präzis Definitiouen gesat gin, oder dass se guer nët applizéiert gi wéinst där Onpräzisioun vun denen Ausdréck.

Et as selbstverständlech, dass esou e Gesetzesvorschlag wéi deen doten déi Problemer nët ka léisen, virun allem wann een dervun ausgeet, dass d'Pornographie e Symptom as fir esou déifleiend gesellschaftlech Verhältnissen.

Et as jo kloer, dass dese Gesetzesvorschlag - an ech fannen dat och richtig esou - de Problem nët wëllt léisen einfach iwwer de Code pénal. Dat as nët beabsichtigt an ech mengen, dass dat och ganz dätlich aus dem Text ervirgeet.

Ech hat och den Androck an der Diskussioun de Mëtteg, dass nët jidferen deen Text vollstänneg gelies hat.

Mä ëmmerhin mengen ech, dass déi Proposition de loi hei en Usaz wär, an dass se de Virdeel hätt, fir iwwerhaupt dee Problem an d'politesch Diskussioun eranzustellen, an dass déi Proposition, wa se géif ugeholl gin, tatsächlech och d'Méiglechkeet géif gin, den eenzelne Bürger, virun allem de Fraen, oder verschiddenen Associatiounen, e juristescht Mëttel an d'Hand ze gin, fir sech ze wieren um zivilrechtliche Plang.

Insofern wär et en Avantage, wa mer derzou kéimen, esou eng Gesetzespropositioun ze akzeptéieren, och dann, wéi gesot, wann domat nët all déi betraffe Problemer geléist wäeren.

Mme la Présidente.- Le prochain point de notre ordre du jour prévoit la proposition de loi 3512. Le débat aura lieu conformément à l'article 59 de notre Règlement.

Les orateurs inscrits sont: Mme Jacobs, MM. Goerens et Regenwetter.

La parole est à l'auteur de la proposition de loi, à savoir l'honorable M. Mehlen.

9. Proposition de loi 3512 de M. Robert Mehlen en vue de la modification de la loi du 7 septembre 1987, ayant changé celle du 4 avril 1924, portant création de Chambres professionnelles à base électorale

M. Robert Mehlen (Aktiounskomitee 5/6).- Madame President, dir Dammen an dir Hären. Ech hun déi Proposition de loi hei erabuecht, well ech op Grond vun den Erfarungen, déi gemaach gi sin, gemengt hun, et wär gutt, virun den nächste Walen eist Chambre d'Agriculture-Gesetz a verschiddene Punkten ofzeänneren.

Dir wësst, dass d'Geschicht vun der Landwirtschaftskammer hei zu Lëtzebuerg eng ganz mouvementéiert Geschicht as. Ech wëll eng Kéier ganz kurz rappeléieren, datt d'Berufschamberen 1924

gegrënnt gi sin, datt och an der Landwirtschaft eng Berufskammer funktionnéiert huet bis zum Zwete Weltkriech, datt awer vun 1945 bis 1988 eng Ausnamesituatioun, e Provisorium bestanen huet, dee relativ laang gedauert huet an deen der Centrale paysanne als Berufsorganisatioun d'Recht zougestanen huet, d'Funktione vun der Landwirtschaftskammer auszuüben. Déi éischt Walen no deem neie Gesetz waren am Fréijoer 1988.

(M. Edouard Juncker reprend la Présidence)

D'Gesetz vum 7. September 1987 huet déi Landwirtschaftskammer, wéi mer se haut kennen, nei installéiert. D'Gesetz huet a sénge wesentlechste Punkte folgendes gesot: Et gët dräi „collèges d'électeurs“: eng Kéier d'Bauern, eng Kéier d'Wënzer an eng Kéier d'Gärtner.

D'Kompositioun vun der Assemblée plénière gesäit folgendermoossen aus: 15 Baueren, 3 Wënzer an 1 Gärtner.

D'Wieler, d'Elektorat, sin all haaptberufflech Baueren, Wënzer, Gärtner an esou weider. Do hänken nach eng Parti Spezialaktivitéit mat drun, déi awer direkt mat der Landwirtschaft verbonne sin: - fir d'éischt déi haaptberufflech Chefs d'exploitation, - dann d'Familjememberen, respektiv, wéi mer dat op Lëtzebuergesch nennen, de „Bäisaz“, wa se d'Konditiounen vum „aide agricole“ am Sënn vun der Sozialversécherung erfëllen; - als drëtt déi fréier Exploitanten, ënner der Konditioun, datt se de Beruff während op d'man 9 Joer ausgeübt hun, während där Zäit an d'Bauerepensiounskeess kotiséiert hun an zu denen Zäiten, wou d'Wale sin, keen anere Beruff ausüben.

Eng besonnesch Konditioun spillt do mat: Dat as, dass all déi Retraitéiert hiirt Walrecht nët automatesch kréien, mä nëmmen op Demande hin. Bei dene leschte Walen huet dat eng ganz Rei Problemer administrativer Natur, a relativ vill Pabeierkriech opgeworf.

Et war nämlech noutwendeg, bei der Bauerepensiounskeess fir d'éischt en Zertifika ze froen, ob een esou laang bei der Keess affiliéiert war. Dat war nët ëmmer esou ganz einfach. Ech hun e bësschen nogsicht a méngen Archiven. Do sin extra Formularen erauskomm fir déi, déi déi Bescheinigung kritt hun, déi haten e gréngen Ziedel; déi aner, déi keng Bescheinigung kritt hun, sin dann awer opgefuerdert gi vun där Säit, si sollen den Antrag bei de Schäfferot eragin a si solle sech dann trotzdeem beméien, fir nach nodréiglech eng Bescheinigung ze kréien.

Dat as op jidde Fall eng Solutioun, déi nët ganz glécklech war, déi zu vill Schreiwereie gefouert huet. Dofir mengen ech, et wär besser, wa mer eng kloer Regelung géife fannen, wéi déi Saach mat där Demande géing ausgoen.

An Däitschland, wou dat op Länder-Niveau organiséiert as, do dierfen am allgemengen nëmmen d'Exploitanten an hir Familjememberen an d'Hëllefkräfte mat wile goen. Déi Pensionnéiert sin ausgeschloss.

An Niedersachsen as d'Alterslimit op 68 Joer festgesat.

An der Belsch sin déi pensionnéiert Bauere berechtigt, an hire Chambres provinciales d'agriculture mat wile goen, wa se nach am Recensement agricole erfaasst sin an an enger Berufsorganisatioun affiliéiert sin.

Frankräich huet eng aner Regelung. Do kréien déi Retraitéiert allgemeng den Droit de vote, mä hir Influenz gët awer herno reduzéiert an den entscheidende Gremien. An der Assemblée plénière sin normalerweis zwee Memberen, déi déi Retraitéiert do verrieden.

Dir Dammen an dir Hären. D'Berufschämber sollen dem Pouvoir législatif an exécutif berodend zur Säit stoen. Si hun dofir eng ganz wichteg Funktioun an eisem legislativen a reglementaresche Geschéien ze spillen. Si si mat bedelegt un der Léisung vun de Problemer vun hire Beruffer.

M. René Konen (DP).- Wie lauschtert dann iwverhaapt nach hei no?

M. Robert Mehlen (Aktiounskomitee 5/6).- Dat as eng gutt Fro, Här Konen.

M. René Konen (DP).- Här President, briecht dach déi Sitzung hei of! Et as dach indigne, wat hei geschitt!

M. Jean Regenwetter (LSAP).- Wéi dann, mir lauschteren dach no!

M. René Konen (DP).- Um Regirungsdësch as kee méi do!

M. Robert Mehlen (Aktiounskomitee 5/6).- Ech fuere virun an ech hoffen, dass déi Leit, déi sech derfir interesséieren, nach e bësschen nolauschteren.

Ech wëll, wéi gesot, op d'Wichtigkeet vun de Berufschämberen hiweisen, ganz besonnesch op d'Wichtigkeet vun der Berufschämber vun der Landwirtschaft.

D'Landwirtschaft as de Moment a ganz grouse Schwiregketen, nët nëmmen am Ausland, mä och hei zu Lëtzebuerg. D'Landwirtschaftskammer as haut, wou d'Lëtzebuenger Landwirtschaft a villen entscheidende Froen ëmmer nach gespléckt as, ee ganz wichteg Instrument, fir d'Zukunft vun der Lëtzebuenger Landwirtschaft um legislative Plang matzebestëmmen.

Dofir as et virun allem wichteg, dass mer Leit an der Landwirtschaftskammer hun, déi viru sech kucken an och hiirt Beschit gin, dass d'Landwirtschaft op dee richteg Wee geet. Dofir as et virun allem wichteg, dass mer denen Aktiven, souwuel beim passive wéi beim aktive Walrecht, och eng gewëss Prioritéit garantéieren.

Ech hu mech ëmfrot, wéi d'Situatioun de Moment as. De Rapport tëschent den Aktiven an de Pensionnéierte gesäit zimlech schro aus. Dat hei sin déi lescht Zuele vum März 1991:

Mir hun nach 5.053 aktiv Cotisants, a 5.768 Pensionnéierter, déi eng Rent oder eng Pension bezéien.

Mir wëssen awer op där aner Säit, dass eng ganz Parti Baueren nach iwver den normale Pensiounsalter ewech berufflech aktiv sin an dass et och nët richteg wär, fir si vun dem Walgeschéien an der Landwirtschaftskammer auszeschléissen.

Dofir géif ech mengen, déi franséisch Solutioun wir eng gutt Solutioun, an zwar géinge mer alle Pensionnéierten den „droit de vote“ gin; déi dann nët wëlle matstëmme, si jo fräi, hire Walziedel, dee se zougeschéckt kréien, an de Pabeierkuerf ze geheien. Dat géif der Bauerepensiounskeess eng ganz Parti Aarbecht a Recherchen, déi mat allerhand Schwiregketen a Konfusioun verbonne sin, erspueren.

Et wir och allgemeng eng Verbesserung fir déi Pensionnéiert, well si bräichten déi ganz Prozedur nët ze maachen, fir extra eng Demande ze maachen a sech anzusetzen, fir dierfe mat wile goen. Mir géifen awer gläichzäiteg op de Wee goen - an ech weisen nach eng Kéier op d'Wichtigkeet hin - dass déi jonk Elementer, déi jo mussen un hir Zukunft denken an déi mathëllefen d'Zukunft ze organiséieren, datt si sollen dat prépondérant sin.

Dofir géing ech proposéieren, d'Gewiicht vun de Retraitéierten, vun dene Leit, denen hiirt Haaptkommee normalerweis aus enger Pension kënt, an der Assemblée plénière ze reduzéieren.

Dofir och d'Propositioun, fir nieft denen dräi Collèges électoraux e véierten ze schafen, wou sämtlech Pensionnéiert, ob Bauer, Wënzer, Gärtner oder soss irgendeng landwirtschaftlech Aktivitéit - dran erfaasst wären a wou si och hir limitéiert Zuel vu Verrieder géinge wile.

Ech proposéieren, d'Assemblée vun 19 op 21 Memberen ze erweieren, dat heescht, de Pensionnéierten 2 Sätz an där Assemblée zougestoen. Ech mengen, dat wär eng Mesür fir d'Zukunft vun

der Lëtzebuurger Landwirtschaft, déi näischt géif kaschten, mä au contraire, déi eis eng Parti Ierger, Streidereien, Aarbecht an Onkäschten géing erspueren.

Ech wär och frou, wa mer déi Proposition hei géinge weiderbréngen, well wann alles normal leeft, sin am Fréijoer 1992 déi nächst Wale fir déi Landwirtschaftskammer fälleg.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- La parole est à l'honorable Mme Jacobs.

Discussion

Mme Marie-Josée Jacobs (CSV).- Mme Presidentin, dir Dammen an dir Hären. Beim leschte Gesetz gouf mat vill Méi eng Léisung fond, déi opbaut op ons Berufschämberen.

Dee Moment gouf besonnesch vun de Befürworter vun der Chambre d'Agriculture, zu denen ech jo gehéieren, verlaangt dass dës Berufschämber esou vill wéi méiglech denen existéierenden a vergläichbare Chämberen misst gläichen.

Wa mir bei de Baueren e fundamentale Prinzip, wéi d'Proposition de loi et virgesäit, frësch diskutéiere wëllen, da stellt sech d'Fro, ob dann nüt déi aner vergläichbar Chämberen misse reforméiert gin. Mir misse jiddefalls fir Kohärenz suergen. Fir eis als CSV as dës Proposition de loi nüt vu vireran als negativ unzegesinn.

D'Iddi fir eng 4. Grupp fir déi pensionnéiert Baueren anzeféieren, schéngt logesch ze sin a verdéngt bestëmmt och studéiert ze gin.

Mir wëssen, dass elo ewell méi pensionnéiert Baueren am Land si wéi aktiver. Dësen Zoustand hält bestëmmt an Zukunft nach zou. Déi selwecht Situatioun fanne mer ebenfals bei der Chambre des Artisans. Mir misse dann iwwerall légiféréieren. Well wa mer dovun ausgin dass déi pensionnéiert Baueren nëmmen 2 Mandat zegutt hun, dass da selbstverständlech och d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Artisans misse nozéien.

Den Exposé des motifs as eis an dëser Proposition de loi ze dürfteg. Mir misse op jidde Fall méi Donnée kréien iwwer déi reell Situatioun. Speziell wëlle mir méi a méi präzise Donnéeën aus dem Ausland zur Verfügung hun, fir d'auslännesch Léisungen ze ënnersichen a kënnen ze vergläichen.

Wann op Grond vun objektiven Argumenter Ännerunge misse gemaach gin, da widdersetze mir eis deem selbstverständlech nüt, mä ët dierfen awer op kee Fall aus walektoralen Ursaache Changementer gemaach gin.

M. le Président.- La parole est à l'honorable M. Charles Goerens.

M. Charles Goerens (DP).- Här President, dir Dammen an dir Hären. Den Här Mehlen huet eng Proposition de loi virgeluegt fir de Modus bei den nächste Wale vun der Chambre d'Agriculture ofzeänneren. Et stellen sech beim Dépôt vun där Proposition de loi eng ganz Parti Froen.

Déi éischt Fro huet nüt direkt eppes mat der Proposition de loi ze din, mä ech fannen et positiv, dass den Här Fischbach virdrun hei war, fir am Numm vun der Regierung Stellung ze huelen iwwer d'Proposition de loi Bausch. Ech hätt mer och kënnen virstellen, dass de Minister Steichen, wann ën nüt selwer hätt kënnen kommen, e Vertrieeder vun der Regierung geschéckt hätt, dass mer och de Standpunkt vun der Regierung kannt hätten.

Domadder geet et un, fir ze kucken ob d'Regierung et fir noutwendeg fënt fir dem Här Mehlen sénger Proposition de loi eng Suite ze gin oder nüt. A wann ech soën eng Suite gin, da gëlt dat nach nëmme fir hei zum Ausdrock ze bréngen, dass d'Regierung et der Méi wäart fënt fir driwwer ze schwätzen.

Da stellen sech eng Parti prinzipiell Froen. Ech mengen, et soll een hei d'Diskussioun weiderféieren an et soll een déi Proposition de loi a Considératioun huelen. Ech soën och fir wat.

Et soll een dat maachen, well et as ganz schwéier fir iwwer de Wee vun de Chambres professionnelles ëmmer de Sentiment vun engem ganze Beruff ërëm ze gin. Den Här Mehlen huet zu Recht op eng Parti Verschiddenheten hingewisen, déi och de Législateur deemools dozou gefouert hu fir dräi verschidde Collèges électoraux ze maachen. D'Bauere si mat 15, d'Wënzer mat 3 an d'Gärtner mat engem Vertrieeder an der Landwirtschaftskummer. Si vertrieeden hire Beruff zesummen an eng Plénière, mä et as awer Suerg dofir gedroe gin, well zum Beispill d'Ennerscheder téschent de Baueren an de Wënzer relativ grouss sin, dass d'Wënzer solle mat engem egene Collège électoral vertruede sin a bei de Gärtner selbstverständlech och. Soss wir d'Gefor natiirlech grouss oder och kleng, dass deem engen oder deem anere séng Interêtën zum kiirzste kéimen.

Wann also nüt onbedéngt Gemeinsamkete bestin an dat féiert eis dozou fir verschidde Collèges électoraux ze maachen, da kann een dat à fortiori och soë bei der Vertriidung vun där elerer Generatioun an där Landwirtschaftskummer.

D'Interesse vun denen, déi aus dem Beruff ausgescheed sin, respektiv déi, déi nüt méi dra schaffen, misse nüt onbedéngt deckungsgläich si mat denen, déi nach aktiv am Beruff dra sin.

Et stellt sech eng aner prinzipiell Fro an dat as déi, déi d'Mme Jacobs opgeworf huet. Wa schon d'Démarche vum Législateur déi war fir d'Bauervertriidung esou no wéi méiglech bei den Droit commun ze bréngen an de Baueren eng Berufschämber ze gin, esou wéi se am Gesetz vun 1924 virgesi war, da soll een och kucken ob et nüt méiglech as fir déi selwecht Kritären unzewende bei sämtleche Chambres professionnelles.

Mir fannen haut de Mëtteg doudsécher d'Äntwert nüt. Mir gesinn och dass d'Approch verschidde sin, ofgesi vum Lëtzebuurger Mikrokosmos, wou natiirlech och eenzel Attitüden sech erkläre loossen duerch d'Clivagen, déi mer an den 80er Jore kannt hun. Dat soll eis awer nüt drun hënnere fir d'Reflexioun weiderzedreiwene.

Et wir e schlechte Prinzip wann ee géing vun enger aktueller Schwiregkete eraushuelen an nëmme jhust dowéinst légiféréieren.

Ech mengen, de Fait as awer och, dass an anere Länner nüt mat där selwechter Approche erugaange gët a mir kënnen eis do vläicht inspiréiere vun deem Modell, deen am gënschtegsten as fir Lëtzebuerg.

Den Här Mehlen huet jiddefalls de Mérite, dass ën e Problem opgeworf huet, dee reell as an d'Demokratesch Partei géif och ënnerstëtzen, dass déi Proposition de loi vum Staatsrot aviséiert géif. Dofir misst d'Regierung natiirlech och sech dozou bekennen ob se dat wëllt weider maachen. Ech géing et jiddefalls nüt gutt fannen an e ganz schlechte politesche Stil fannen, wann heimat haut d'Diskussioun erstéckt wir. Ech géif also ganz wärmstens am Numm vu ménger Fraktioun recommandéieren, dass d'Regierung sech soll äussere wat se wëlles huet mat där Proposition de loi ze maachen, an der Suerg, dass de Beruff esou gutt wéi méiglech an där Landwirtschaftskummer vertrueden as an dass och wierklech Suerg dofir gedroe gët, dass all Interessen, déi een am Baueren-, am Wënzer- an am Gärtnerberuff ka begéinen, do vertruede sin.

Ech mengen, esou eng Kompositioun hätt den Avantage, dass se jiddefalls emol aus den aktuelle Schwiregketen erauskéim an ech géif dofir der Chämber wärmstens recommandéieren, déi hei Diskussioun weider ze féieren.

M. le Président.- Här Goerens, wann Der erlaabt, esou wollt ech jhust matdelen, dass den Här Minister Steichen, deen de Moment bei Vinsmoselle as, bereet as, muer op dem Här Mehlen séng Proposition de loi ze äntweren.

M. Charles Goerens (DP).- Dann as et gutt. Da waarde mer op dem Här Minister séng Reaktioun. Mir wëllen eis selbstverständlech esou enger Diskussioun nüt widdersetzen.

Ech soën Iech merci.

M. le Président.- La parole est à l'honorable M. Regenwetter.

M. Jean Regenwetter (LSAP)- Här President, Madame, dir Hären. Dass mer haut d'Méiglechkeet hu fir iwver d'Proposition de loi vum honorablen Här Mehlen ze diskutéieren, geet draus ervir, dass mer de 7. September 1987 et endlech fäerdeg bruecht hun, ähnlech wéi an anere Berufssparten, och fir d'Landwirtschaft eng gesetzlech funktionnéierend Berufschamber anzeféieren.

D'Berufschamber vun der Landwirtschaft war gläichzäiteg mat dene Berufskummere vum Salariat an deelweis och vum Patronat de 4. Abrëll 1924 agesat gin, mä si as praktesch ni un d'Fonktionnéiere komm. Si huet nët hir Aufgab, fir esouwuel d'Legislativ wéi d'Exekutiv ze beroden, erfëllt.

Déi Aufgab huet also am Landwirtschaftsmilieu nët déi gesetzlech virgesinne Berufschamber erfëllt, mä do war d'Centrale paysanne, déi eigentlech déi Roll iwverholl huet a mir hun deemools dat am Bauerestand realiséiert wat de Gesetzgeber eigentlech nët wollt 1924. Dat heescht, mir hun engersäits d'Gewerkschaft vun engem Berufsstand gläichgeschalt mat där rechtlech festgesatener Berufskummer.

Dat huet zu kokasse Situatioune gefouert an dem Milieu vun de Baueren, an ech géif als perséinlech Meinung dozou bäifügen, dass vläicht e groussen Deel vun der nët grad richteger Orientatioun vun eiser Agrarpolitik op deen Emstand zréckzeféieren as, dass engersäits d'Centrale paysanne d'Roll vun enger Berufskummer iwverholl huet a well déi eenzel Interessen, déi ënnerschiddlech gelagert sin an deem Milieu, nët ëmmer genuch zum Virschäin komm sin.

Dat wat den Här Mehlen hei als Proposition de loi déposiert huet, fir d'Gesetzgebung ze ännere vun enger Berufskummer, sollt een als Denkestouss huelen. Ech géif soën, wa mer iwver d'Roll engersäits an iwver de Walmodus vun de Berufskummeren diskutéieren, da musse mer iwver all Berufskummeren diskutéieren. Mir sollen nët ërem eng Kéier ege Wurschte fir eenzel Berufskummere maachen. Ech mengen, dat géif zu näischt féieren. D'Berufskummeren hun op Grond vum Gesetz vun 1924 jiddereng déi selwecht Aufgaben ze erfëllen. Da musse mer och kucken, dass se an der Prozedur herno esou gestallt gin, dass se ähnlech kënnen hiren Aufgabe gerecht gin.

D'Fro stellt sech engersäits vun der Form hier. Den Här Mehlen huet selwer gesot, dass Schwiregkete bei der Organisatioun vun de Wale bestanen hun déi leschte Kéier. Ech ka mech erënneren. Dat war effektiv de Fall. Et as och e weëneg kokass am Gesetz iwver d'Kreatioun vun der Bauereberufskummer, dass do pensionnéiert Bauere kënnen wielen oder nët.

Ech mengen also, vum Fong hier stellt sech d'Fro iwverhaapt, ob déi Aktiv nëmmen an enger Berufskummer kënnen wielen oder och déi Pensionnéiert. Dat as déi fundamental Fro, déi mer an deem Zesammenhang mat der Emännerung vun dem Walgeschäft bei de Berufskummere mussen diskutéieren.

Ech erënneren drun, dass bei dene meeschte Berufskummeren - beim Salariat as et doudsëcher - déi Gewielten, wann se a Pensioun gin, hiirt Mandat nët méi kënnen fäerdeg maachen, a wann se pensionnéiert sin selbstverständlech och nët méi dierfe mat stëmme goen.

(Interruption)

Här Konen, nicht verzagen, Monni Jang fragen. Ech kommen dorobber. Ech wëll d'Differenz am Ennerscheid jhust zielen.

Ech mengen, d'Pensionnéiert bezuelen och dofir kee Beitrag méi

a si hun dofir och kee Stëmrecht. Si hu keng Rechter méi an där Berufskummer wou se virdrun nach gewielt waren oder konnte mat wilegoen. Mat Ausnam vun enger Berufskummer, Här Konen, dat as déi vun der Fonction publique. Déi as jo besser wéi all déi aner. Do gët jo d'Ham an der Mëllech gekacht an do as et effektiv esou, well beim Stat jo kee pensionnéiert gët. Beim Stat huet all Mënsch e Wartegehalt a well ën e Wartegehalt huet muss ën och nach a séng Berufskummer bezuelen a well ën op Grond vun deem Wartegehalt och nach e Beitrag bezillt, kann e selbstverständlech och mat stëmme goen. Dat as bei enger Berufskummer, déi aus dem Héichkonjunktursector kënnt de Fall, mä bei all denen aneren as et effektiv nët de Fall. Mä et as an der Logik vun der Fonction publique, dass dat do de Fall as.

Dat as jo dann déi prinzipiell Diskussioun. Loosse mer déi Aktiv aleng stëmme oder loosse mer déi Pensionnéiert nach mat un de Geschécker vum Berufsstand deeluelen?

Déi Zifferen, déi den Här Mehlen genannt huet schwätzen awer eng Sprooch fir sech. Engersäits hu mer nach ronn 5.053 aktiv Baueren. A wann ech d'Statistike richteg gekuckt hun, da sin der nach maximal 2.500 wat Bauerebetriber sin, wou een nët ka soën, dass s'ët niewelaanscht maachen, mä déi dat nach als Haaptaktivitéit maachen. Et si 5.768 Pensionnéierter, dat heescht, de gréissten Deel vun dem Baueremilieu si Leit, déi am Pensiounsalter sin.

Dofir, wann ech soën, en Deel vu Pensionnéierte kënnen nach matwiele goen an ech limitéieren dann d'Gewichtung vun 21 Leit, déi an der Plenarversammlung vertraude sin op 2 erof, dann hun ech se effektiv nach pro forma an der Plenarversammlung sëtzen, mä si spille par rapport zu hirer Zuel keng Roll, well se vun 21 der effektiv nëmmen 2 duerstellen.

Ech géif also déi Léisung méi propper fannen. Dir hut Iech zum Beispill op d'Fransouse beruff, wat mir perséinlech och am beschte schéngt. D'Fransousen hun awer och bei de Berufschambere gesot, do dierfe praktesch nëmmen déi Aktiv wielen an zwar mat enger einfacher Motivatioun, déi ech kann ënnerschreiwen. De But vun dene Leit, déi an de Berufschamberen dra sin, „c'est d'organiser le présent, voir l'avenir, non le passé“.

De Pensionnéierten hir Zukunft läit also am Passé an nët ëmgedrënt. Dofir mengen ech, mir sollte kucken, dass mer eng ähnlech Prozedur wat d'Walrecht ubelaangt a sämtleche Berufskummeren identesch maachen. An dene meeschte Berufskummeren hun déi Pensionnéiert kee Walrecht an dofir sin ech och der Meinung, dass an der Berufskummer vun de Baueren och déi Pensionnéiert kee Walrecht hätten, et sief dann, mir géifen zu enger anerer Iwwerleung kommen a mir géifen och an denen anere Berufskummeren d'Walrecht fir déi Pensionnéiert aféieren.

Et as hei de Virschlag gemaach gi fir déi Proposition de loi dem Staatsrot pour avis ze ënnerbreden. Ech géif soën, et geet nët duer, dass mer dem Staatsrot déi Proposition de loi pour avis ënnerbreden. Mir sollte sämtlech Forces vives de la nation, ënnert anerem de Conseil économique et social domat befaassen, well och do spillen d'Berufskummere jo eng gewësse Roll, zwar nët am Conseil économique et social, mä wat hir Aviën ubelaangt, ëmsou méi well d'Walrecht fir déi Aktiv an eventuell déi Pensionnéiert nët nëmmen eng Fro as, déi d'Organisatioun vun der Berufskummer vun de Bauere betrëfft, mä dat betrëfft sämtlech Berufskummeren an dofir wir ët och nëmmen normal, dass si ëm hir Meinung gefrot géife gin.

M. le Président.- Mesdames et Messieurs, la discussion générale est close. Nous continuerons demain à 14.30 heures avec l'ordre du jour.

La séance est levée.

(Fin de la séance publique à 18.07 heures)